

vläicht iwwerleeën, ob dann an Zukunft net och fir all Eisebunnsprojet e separat Gesetz erstellt soll ginn, wat fir eng besser Transparenz suerge géif, well mer sollte bestehend Gesetzer net permanent op dës Manéier ëmänneren. Da brauch dat Gesetz, wann all déi 24 ageschriwwe Projeten hoffentlech geschwë realiséiert sinn, och net méi amen- déiert ze ginn.

Här President, duerch déi nei, schéin a breet „bowstring“-Bréck mat béidsäitegen Trottoiren a Vëlospisten tëschtent Hollerech-Gare an dem Quartier Gaasperech-Sauer- wiss gëtt net nëmmen en dréngend erneie- rungsbedürftegen Ouvrage d'art realiséiert, mä och zugläich d'Liewensqualitéit zwë- schent dëse Quartiere fir e puer dausend Leit verbessert.

A wann een un déi flott nei Gare périphé- rique denkt, déi eisen Transportminister Lu- cien Lux gëschter virgestallt huet, déi net wäit vun dësem Projet zu Gaasperech ge- baut gëtt a Richtung op Klengbetten, Arel an op Péiteng a spéider op déi nei Streck op Esch an op d'Uni Esch, dann hält d'Lie- wensqualitéit, wat fir besser Mobilitéit duerch e performanten öffentlechen Trans- port steet, nach weider zou.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Voilà. Merci, Här Rapporteur. Ech denken, dass dat esou am Detail mat alle Finessen de Rapport presen- téiert war. Merci, Här Negri, dofir, dass déi aner Fraktiounen deem kaum nach...

(*Interruption*)

» **Une voix.** - Do kënnt Der näischt méi soen!

» **M. le Président.** - Also, Här Braz, wann Dir nach eppes dozou fannt, fir derbäizeflécken, dann hutt Dir elo d'Wuert.

(*Interruption*)

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Neen, net zum Projet, Här President. Ech mengen, et ass awer dee leschte Projet vum Här Transportminister an där Eeigenschaft fir dës Mandatsperiod.

Ech wollt just dem Transportminister am Numm vun der grénger Fraktioun Merci soe fir déi fair Zesummenaarbecht, déi mer hate während deene fënnef Joer. Den Här Trans- portminister hat jo och keng schrecklech einfach Dossiere mat Momenter. Notam- ment alles dat, wat ronderëm d'Thema Ver- kéierssëcherheet gaangen ass.

Et gouf eng ganz Rei europäesch Direktive mat Liberaliséierungen ëmzesetzen, bei der Bunn an och ronderëm de Flughafen, wat politesch ganz schwierig Dossiere waren. Ech mengen, dass de Minister Lux déi Dos- sieren do, déi wirklech net evident waren, an eisen Ae korrekt gemeeschtert huet, och wa mer tëschenduerch déi eng oder aner Auseranersetzung haten.

Ech wollt dem Minister just soen, dass mer déi Kollaboratioun och an der Kommissioun als gréng Fraktioun ganz konstruktiv a flott fonnt hunn. Mir sinn notamment iwwer eu- ropäesch Dossiere virbildlech informéiert ginn. Dat ass net an all de Kommissiounen de Fall vun de Ministeren. Duerfir, wa mer och déi eng oder aner Kéier net enger Mee- nung waren, déi eng oder déi aner Kéier vläicht méi en haart Wuert gefall ass, vun eiser Säit aus wollt ech lech soen, dass dat ni perséinlech gemengt war.

Mir fannen, dass Der dat bei dësen Dos- siere korrekt gemaach hutt.

(*Interruptions*)

» **M. le Président.** - Also, ech soen dem Här Braz Merci fir déi Interventioun. Ech denken, dat, wat den Här Braz ausgedréckt huet, ass dat, wat déi écrasant Majoritéit vun dësem Parlament denkt vun der Aar- becht vum Minister.

(*Brouhaha et hilarité*)

Voilà. Dir Dammen an Dir Hären, elo ass d'Diskussioun...

Den Här Minister wëllt nach eppes dozou soen - natierlech.

» **M. Lucien Lux, Ministre des Trans- ports.** - Ech wëllt just an engem Saz déi Meenung vum Här Braz gären zrëckginn a Merci soe fir eng virbildlech Zesummenaar- becht an där Kommissioun a fir déi Aar- becht, déi mer gelescht hunn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat ass dëse Projet och ofgeschloss.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer, an dat erfreet lech wahrscheinlech al- leguerten, zum leschte Projet vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass deen iwwert d'Schafe vun enger Administration de la na- ture et des forêts.

(*Interruption*)

D'Wuert huet elo de Rapporteur, an dat ass och an dësem Fall den honorabelen Här Negri.



**12. 5934 - Projet de loi por- tant**

**a) création de l'administration de la Nature et des Forêts**

**b) modification de la loi modi- fiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État**

**c) abrogation de la loi modi- fiée du 4 juillet 1973 portant réorganisation de l'administra- tion des Eaux et Forêts**

**Rapport de la Commission de l'Environ- nement**

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, Administration de la nature et des forêts: Esou heescht mat der Reform vun der Administration des eaux et forêts, oder am Sproochgebrauch d'Forstverwaltung, mat dem Projet de loi 5934 vun haut un. De Projet de loi 5934, deen de 15. Oktober 2008 vum Ëmweltminister deponéiert gouf, gesäit eng Reform vir, an där déi aktuell Forstverwaltung hiren neie Missiounen an Défië méi gerecht gëtt. An zwar gëtt mam Gesetz vun haut d'Forstverwaltung och nach Naturschutzverwaltung.

Mä loosse mer emol e Bléck zrëckgeheien op d'Evolution an der Zäit vun der Forst- verwaltung, fir domat Sënn an Zweck vun der Reform zu enger neier Natur- a Forstver- waltung besser kënnen nozevollzéien.

Déi aktuell Administration des eaux et forêts ass eng vun deenen eelste Verwaltungen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn. De Statsrot ass a sengem Avis op d'Originë vun dëser Verwaltung agaangen an ass dobäi bis op d'Joer 1791 zrëckgaang. Och den Exposé des motifs zum Projet de loi geet op d'Ge- schicht vun der Administration des eaux et forêts an. Dat ass net nëmmen historesch interessant, mä et weist virun allem och, wéi staark d'Missiounen vun dëser Verwaltung am Laf vun de Jorzéngte geännert hunn.

Am 19. Jorhonnert huet dee gréisste Pro- blem am Erhale vun de Bëscher an am enormen Holzverbrauch bestanen, dee virun allem op d'Industrialiséierung zrëck- zeféieren ass. D'Eisen- a Glasindustrie war am Opschwung an huet onheemlech Quan- titéite vun Holzkuele verbraucht, sou dass Mesuren hu missen ergraff ginn, fir d'Res- source vun eise Bëscher ze schützen. Am Laf vum 20. Jorhonnert waren et virun allem d'Intensivierung vun der Landwirtschaft an d'demographesch Entwécklung, déi d'Of- holze vun de Bëscher mat sech bruecht hunn.

Stoung am Ufank virun allem d'Forstwirt- schaft am Mëttelpunkt an domat d'Suerg, dass laangfristeg genuch Holz zur Verfü- gung stéing, esou ass am 20. Jorhonnert ëmmer méi de Schutz vum Bësch als Öko- system an d'Erhale vun der Biodiversitéit an de Vierdergrond geréckelt.

Um Enn vum 20. Jorhonnert huet d'Forstver- waltung ëmmer méi dës Aufgab kritt, well ee sech bewosst ginn ass, dass et net nëm- men duergeet, d'Aktivitéiten ze verbidden oder anzueschränken, déi de Bësch zerstëie- ren, mä dass aktiv Mesurë geholl an ergraff musse ginn, fir ökologesch Ziler ze erree- chen. Parallel dozou huet d'Fräizäitverhale vun de Leit sech staark verännert, sou dass de Bësch als gréng Long och ëmmer méi eng Roll als Noerhuelungsgebiit erfëllt.

Zënter e puer Joer mutéiert an ännert dës Approche elo erëm. An Zäiten, wou déi fos- sil Energië knapp ginn, gëtt d'Holz als er- neierbaren Energieträger erëm méi interes- sant. Et gëtt deemno ëmmer méi komplex Aufgaben, fir am Bësch éischstens den no-

haltegen Naturschutz, zweetens déi récréa- tiv Roll als Noerhuelungsgebiit, drëttens de Bedarf un Terrain a véiertens de Bedarf un Holz fir erneierbar Energien, fir also déi véier genannte Besoinen an e Gläichge- wicht ze bréngen an ze behalen.

Här President, de Wandel am Laf vun der Geschicht spigelt sech och an deene ver- schiddene legislativen Texter erëm. Eng éischte Kéier krut d'Forstverwaltung méi ge- nerell Aufgaben am Beräich vum Natur- schutz iwwert d'Gesetz vum 29. Juli 1965 zum Erhale vun der Natur an den natier- leche Ressourcen. De 4. Juli 1973 gouf d'Gesetz iwwert d'Forstverwaltung vun 1909 esou iwwerschaft, dass dës nei Aufgab besser konnt an där bestehender Struktur ausgefouert ginn. Deemools ass en ee- gestännege Service fir den Naturschutz in- nerhalb vun der Forstverwaltung geschafe ginn.

Déi nächst Reform koum 1989, wou niewent dem zentrale Service fir d'Conservation de la nature dräi regional Servicer gegrennt goufen, an der Hoffnung, den Naturschutz- ziler esou méi no ze kommen.

Zënterhier huet sech viles am Beräich vum Naturschutz gedoen hei zu Lëtzebuerg, awer och um internationalen Niveau.

Esou hu mer zu Lëtzebuerg zënter dem 19. Januar 2004 en neit Gesetz iwwert de Schutz vun der Natur, dat virun allem eng Basis fir d'Natura-2000-Schutzzone festleet. Kärpunkt vum Gesetz vun 2004 war de Schutz vun dem bedrohte Liewensraum an eiser Kulturlandschaft ze verankeren.

Mëtt 2005 gouf en Observatoire geschafen, fir d'Zesummenaarbecht tëschent allen Ac- teuren an dësem Beräich ze erliichteren.

Am selwechte Joer 2005 gouf och den éischte Programme forestier national ar- rétiert, deen d'Ziler vun der Forstwirtschaft fir déi nächst Joren definéiert huet an de Prin- zip vun der Nohaltegkeet an hire Mëttel- punkt gestallt huet.

2007 gouf den éischten nationalen Natur- schutzplang festgehalen, deen en de- tailléierten Aktionsplang beinhalt.

Am Endeffekt besteet hautdësdays eng wichteg Aufgab vun der Forstverwaltung doran, an eisem Land éischstens den Natur- an de Landschaftsschutz ze garantéieren an zweetens de Verloscht vu Planzen- an Déierenaarten an domadder de verbonnene Verloscht vu bedrohte Liewensraim ze stop- pen.

Här President, 34% vum Lëtzebuerger Land bestinn hautdësdays aus Bëscher. 47% vun de Bëscher sinn an öffentlecher Hand. Wann een déi rezent 1.500 Hektar aus dem Gréngewald a Kolmer-Bierg derbäihëlt, sinn dat am Ganzen 41.000 Hektar Bësch. Do- mat sinn 53% vun der Bëscher hei zu Lëtze- buerg a Privatbesëtz; dat si 47.000 Hektar Bësch. Vun deenen öffentleche 47% Bë- scher gehéieren der 32,9% de Gemengen, 13% dem Stat an 1,1% de verschiddenen Établissements publics.

Am Beräich vun der Forstwirtschaft assu- réiert d'Forstverwaltung also d'Gestioun vun deene virgenannten 41.000 Hektar öffent- leche Bësch. Am Naturschutzberäich gé- réiert d'Forstverwaltung ausserdem 44.730 Hektar am Kader vun Natura 2000 an en plus 30 Réserves naturelles. Fir de Public iwwert dës Naturschutzprojeten informéie- ren ze kënnen, assuréiert se och nach d'Gestioun vu véier Centres d'accueil.

Do derniewent bekëmmert sech d'Forstver- waltung och ëm 420 Juegdsyndikater mat ronn 600 Juegdlosen. De Budget vun der Forstverwaltung beleeft sech op ëm déi 36 Milliounen Euro pro Joer. Bei der Forstver- waltung schaffen am Ganzen 386 Leit: 136 Fonctionnaires an Employéën an 285 Stats- aarbechter.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eleng aus dëser Opzielung geet ervir, dass d'Aufgaben, mat deenen d'Forstverwaltung hautdësdays konfrontéiert ass, ganz kom- plex sinn an nëmmen dann erfollegräich ëmgësat kënne ginn, wann d'Strukture vun der Verwaltung un hir heiteg Missiounen adaptéiert ginn a wa se genuch Personal a Moyenë kréien, fir hir Aarbecht och dann duerchféieren ze kënnen.

D'Forstverwaltung gouf dofir auditéiert. An et huet sech effektiv erausgestallt, dass d'Organisatioun vun der Forstverwaltung hire Missiounen mat den aktuelle Moyer- nen net méi ka gerecht ginn. Et gouf ënner an- erem festgestallt, dass et Inkohärenze gëtt, wat d'Strukture engersäits vun den zen- trale Servicer an anerersäits vun de lokale Servicer betreffen.

E gréissere Problem huet den Audit och bei der Kommunikatioun an der Zesummenaar- becht tëschent verschiddene Servicer fest- gestallt, an dat besonnesch tëschent dem zentrale Service an de Leit um Terrain.

Wat gebraucht gëtt, ass awer eng kloer Linn, fir dass ouni intern Hindernisser Pro- jeten a Programmer kënnen ausgeschafft, geplangt an um Terrain ëmgësat ginn.

Derbäi kënnt, dass 2004 d'Administration de la gestion de l'eau geschafe gouf, esou dass ee vun deenen zwee Aufgabeberäi- cher - d'Waasser - vun der Administration des eaux et forêts an de Ministère de l'Inté- rieur ausgelagert gouf. Och dëser Entwéck- lung muss den neie Projet wäitméiglechst Rechnung droen. Aus der Administration des eaux et forêts gëtt deemno elo eng Ad- ministration de la nature et des forêts.

De Projet de loi, deen hei virläit, probéiert eng Äntwert op dës Erausforderungen ze ginn. En hält folgend Ziler fest:

Éischstens, déi nei Verwaltung gëtt verstärkt als wichtegst Element fir d'Emsetzung vun de Politiken am Beräich vum Naturschutz an der Gestioun vun den natierleche Ressour- cen;

zweetens, eng Verbesserung vun de Ver- waltungsstrukturen, esou dass e reibungsglo- sen Ofaf vun der Konzeption bis zur Ëm- setzung um Terrain dank enger gudder Ze- summenaarbecht vun de Servicer méiglech ass, an

drëttens, d'Verwaltung muss och d'Moyenë kréien, fir besser kënnen no baussen ze kommunizéieren, fir dass d'Leit, an domat d'Öffentlecheit, besser informéiert ginn.

Konkret gesäit de Projet de loi deemno vir, dass um Terrain an de regionale Servicer an an de lokale Servicer déi zwou Missiounen souwuel vum Ëmweltschutz als och vun der Forstwirtschaft zesummegefouert ginn. Do- mat ginn dës Servicer méi grouss an zu- gläich méi flexibel, fir d'Personal ganz ci- bléiert, also geziilt anzesetzen.

D'Kommunikatioun tëschent de Leit soll och doduerch verbessert ginn. D'Servicer um Terrain kréie konsequenterweis awer och zousätzlecht Personal. Am zentrale Service gëtt d'Spezialisierung virugedriwwen, well d'Experten an deene verschiddene Beräi- cher besser a méi effizient hir Konzepter ausschaffe kënnen an och eng besser Rela- tioun zu aneren Experten am Ausland op- baue kënnen. Well e groussen Deel vun den Décisiounen, déi mer hei zu Lëtzebuerg ëm- setze mussen, um internationalen Niveau getraff ginn, besonnesch um Niveau vun der Europäescher Unioun, musse mer op EU-Niveau dofir gutt vertrauede sinn.

D'Fonctions dirigeantes gi verstärkt, fir dass d'Koordinatioun tëschent de Servicer, déi d'Konzepter ausschaffen, an deenen, déi se um Terrain ëmsetze mussen, besser klappt. Ausserdeem gëtt eng nei Entitéit ge- schafen, déi sech ëm d'Relations publiques këmmert.

Déi nei Verwaltung ass an Zukunft fir dräi Haaptberäicher zoustänneg: éischstens, den Naturschutz an den Erhalt vun natierleche Ressourcen; zweetens, d'Missiounen am Kader vun der nohalteger Forstwirtschaft, an drëttens, d'Missiounen am Beräich vun der Gestioun vum Wëld.

Här President, de Statsrot hat just eng Rei méi punktuell Remarquë gemaach, deenen d'Ëmweltkommissioun gréisstendeels Rech- nung gedroen huet. Eng dovunner huet d'Missiounen vun der Verwaltung betraff. Am initiale Projet de loi war virgesinn, dass déi nei Verwaltung och Kompetenzen am Beräich vun der Fëscherei behält. Woubäi de Statsrot drop verweisen huet, dass dës Kompetenzen elo eigentlech bei der Waas- serwirtschaftsverwaltung leien an een dat dofir aus dem Projet de loi sträiche misst.

D'Ëmweltkommissioun huet awer zrëckbe- halen, dass, och wann d'Fëscherei grond- sätzlech eng Kompetenz vun der Waasser- wirtschaftsverwaltung ass, d'Servicer vun der neier Natur- a Forstverwaltung um Ter- rain zur Iwwerwaachung vun der Fëscherei bäidroen sollen. Dëst opgrond vu ganz kons- truktive Consultatiounen mat allen implizier- ten Acteuren, dem Ëmweltminister Lucien Lux, der Waasserwirtschaftsverwaltung, der Direktioun vun der Forstverwaltung an och der Associatioun vun de Fierschter. Hinnen all wëll ech Merci soen, op der Sich no dë- ser rësonnabeler a pragmatescher Léisung. An esou ass et och elo am Artikel 2 festge- schriwwen.

» **M. le Président.** - Här Negri, Dir musst zum Schluss kommen!

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - Här President, ech hätt nach fir zwou Minut- ten.

(*Interruption*)

Merci, Här President.

(*Interruption et hilarité*)



» **M. le Président.**- Här Jaerling! Loosse mer kucken, dass mer hei an Denez den Dag ofgeschloss kréien.

Här Negri, zwou Minutten.

» **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur.*- Zur gudder Lescht mussen och déi néideg finanziell Moyenen zur Verfügung gestallt ginn, fir dass déi nei Verwaltung all hir Missiounen erfëlle kann.

Der Rechnung no, déi de Ministère am Kader vum Dépôt vum Gesetzesprojet opgestallt huet, géifen duerch dëse Projet de loi zousätzlech Käschten entstoe vu ronn 2.830.000 Milliounen Euro, wouvun net grad d'Halschent Personalkäschte sinn.

Dobäi ass virgesinn, dass niewent dem Direkter dësem zwee Directeurs adjoints ënnerstallt ginn, wou ee sech ëm déi zentral Servicer bekëmmert, déi haaptsächlech d'Konzepter ausschaffen, den zweeten Directeur adjoint assuréiert d'Koordinatioun vun den Ausstellen, déi dës Konzepter an der Praxis dobaussen um Terrain ëmsetzen.

Et ass eng Viraussetzung, dass déi zwee Directeurs adjoints Hand an Hand als Team zesummeschaffe mussen an dann och kloer ënnerenee koordinéiert Décisiounen un hir Leit viruginn.

Gesamt gesinn geschitt eng Opstockung u Personäl vu plus 36 Leit an der neier Natur- a Forstverwaltung. Dovunner een Ingenieur mat der Qualifikatioun als Master en sciences naturelles, well an der Hierarchie jo en zweeten Directeur adjoint derbäikënn.

Et ass geplangt, vun deenen zousätzleche 36 Leit 21 Fierschter an deenen nächste Joren anzustellen. Mat dëser Reorganisatioun kënnen sech an den Ausstellen um Terrain zéng Leit ëm den Naturschutz an ëm d'Forstwirtschaft bekëmmern.

Um lokalen Niveau bleift de Revéierprinzip bestoen, deen op der territorialer Kompetenz berout. Domat bleift d'Kontinuitéit garantéiert an domat de Fierschteren et erlaabt, déi jo hir gutt Connaissance locale hunn, also an hirem Revéier kënneg sinn, d'Interventiounen an d'Evolutiounen am Bësch suivéieren ze kënnen an dann och deemtspriechend agräfen, agéieren a reagéieren ze kënnen.

Dat legislativt Hauptinstrument, fir dës Aarbechte maachen ze kënnen, muss dobäi d'Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 ginn a sinn. An deem Esprit ass d'Ëmweltkommissioun der Meenung, dass dat Kadargesetz vun der Natur- a Forstverwaltung, esou wéi et elo virläit, dësen neien Défië ka gerecht ginn an dobäi virun allem den Naturschutz nohalteg stärke wäert.

Här President, ganz zum Schluss: Et ass mer eng besonnesch Eier gewiescht, zum Schluss vun dëser Legislaturperiod am Opdrag vun der Ëmweltkommissioun dëst wichtegt Gesetz iwwert d'Reform vun der aktueller Forstverwaltung zu där neier Natur- a Forstverwaltung rapportéieren ze kënnen. Domat verbannen ech als President vun der Ëmweltkommissioun e grouse Merci un d'Membere vun der Ëmweltkommissioun fir déi gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht. Doran aschléisse wëll ech natierlech och déi exemplaresch Zesummenaarbecht mat eisem Ressortminister, dem Ëmweltminister Lucien Lux.

Villmools Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci.

» **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur.*- E grouse Merci geet och un eis...

» **M. le Président.**- Pardon. Entschëllegt, Här Negri, ech hat gemengt, Dir wäert fäerdeg.

Ech wollt lech elo scho Merci soen. Kommt awer elo definitiv zum Schluss.

» **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur.*- E grouse Merci geet och un eis Kommissiounssekretärin, d'Madame Rachel Moris, fir hir exzellent an expeditiv Aarbecht. Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Ech soen dem Rapporteur Merci fir säin detailléierte Bericht. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Oberweis gefrot.

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis** (*CSV*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer just am Ufank dem Roger Negri, dem honorabelen Deputéierten hei Merci ze soe fir dann de leschte Rap-

port, deen e gemaach huet an dëser Funktioun, mëndlech wéi schrëftlech.

Ech hat mer e puer Saachen opgeschriwwen, mä no deem, wat de Roger Negri gesot huet, kann ech dat ganz kuerz maachen. An ech weess och, dass d'Leit iergendwann nach gären aner Saachen haut den Owend wëlle maachen.

Duerch d'Kreatioun vum Waasserwirtschaftsamt, dat sech am Spezielle mat dem Waasser a senge sëllechen Niewefelder auserneesetzt, war et jo eng logesch Suite, d'Opspléckung vun der aktueller Verwaltung vun den Eaux et Forêts an zwou Verwaltungen mat hire respektive Kompetenzberäicher an d'Wee ze leeden.

An de vergaangene fënnef Joer ass hei an der Chamber vill iwwert d'Biodiversitéit an iwwert d'Protektioun vun onse Liewensressourcé Buedem, Waasser a Loft geschwat ginn.

D'Politik ass sech eens, haut nach méi wéi viru fënnef Joer, dass déi nohalteg Entwécklung e Must fir ons Gesellschaft muss ginn. En aval wäert déi nei Verwaltung vun der Natur an de Bëscher ons déi Weeër weisen, wéi mir déi Entwécklung dann elo ëmsetze sollen.

Notamment d'Bëscher si fir ons liewenswichtig, banne si dach de Kuelendioxid, dee fir den Dreihauseffekt responsabel ass, a liwweren ons de Sauerstoff fir ze liewen.

Wann ee bedenkt, dass zwielef Milliounen Hektar Bëscher pro Joer vun der Landkaart verschwannen, da kann ee sech gutt virstellen, wellech Liewensqualitéit ons Kanner a Kandskanner enges Daags wäerten hunn.

An enger Etüd, déi ech gelies hunn iwwert d'Koexistenz vun Déieren a Planzen an onse Bëscher, ass gesot ginn, dass do, wou eben déi meescht Bamzorten existéieren, eng grouss Biodiversitéit ass. Dofir kann een nëmmen deene Leit Merci soen, déi mëttlerweil amgang sinn, d'Nolebëscher duerch Bëscher mat Lafbeem ze ersetzen.

E Wuert zu der Verwaltung nach.

Duerch déi pyramidal Struktur, wéi ech se gesinn hunn, vun der neier Verwaltung vun der Natur an de Bëscher, vun uewe bis ënnen op den Terrain, kann een dervun ausgehen, dass déi eenzel Aufgaben, déi de Rapporteur opgezielt huet, bis an de leschten Detail vun de villen Acteuren um Terrain duerchgefëiert ginn.

Net nëmme gëtt Wäert drop geluecht, dass déi eenzel Naturresevater protegéiert ginn, mä, doriwwer eraus, och ons Bëscher mussen vill méi nohalteg bewirtschaft ginn. An ech denken, et ass och wäertvoll, duerch munch Interreg-Projeten och bis an d'Groussregioun eranzegoen.

Vergiesse mer och net, dass ons Bëscher ëmmer méi engem grouse Stress ausgesetzt sinn. Dat net nëmme wéinst dem Klimawiesel, neen, mä och duerch déi sëllechen Aktivitéiten, déi mir Mënschen doranner bréngen. Ech denken hei am Speziellen an déi nowuessend Biomass Holz, déi mir erauszeien, fir eben ons fossil Energien ze ersetzen.

Fir dass awer keng dauerhaft Schied an onse Bëscher an an der Natur entstinn, gëtt déi nei Verwaltung mat där Kontrollaufgab befaasst.

Derniewent huet d'Waasserwirtschaftsamt déi wichtig Aufgab kritt, all ons Gewässer ze protegéieren. Mä - et ass elo grad gesot gi vum honorabele Rapporteur -: Et gëtt zwëschent dem Waasserwirtschaftsamt an der neier Verwaltung eng Schnëttstell, dat ass d'Fëscherei. De Rapporteur ass drop agaangen. Ech erspueren lech dat hei.

Dofir gesot, no deene Wieder hei bréngen eng den Accord vun der CSV-Fraktioun eran a soe Merci fir Äert Nolauschteren.

» **M. le Président.**- Merci, Här Oberweis. De leschte Riedner ass den honorabelen Här Berger.

» **M. Eugène Berger** (*DP*).- Merci, Här President. Léif Kollegen a Kollegeinnen, alles geet zum Schluss vun der Legislatur elo e bësselche méi schnell, ze schnell. Den Débat iwwert d'Forstverwaltung ass e wichtigen, an et hätt ee sech sécherlech kënnen e bësselche méi Zäit loosse fir dësen Débat. Elo geet de Projet ënner an der Lawin vun all deenen 30, 40 Projeten, an dat ass sécherlech net ganz flott. Dat ass elo och kee Reproche an déi weéneg Deputéiert, déi nach hei sinn. Mir hunn allegueren aner Verpflichtungen. Nëmme fir ze soen, dass deen Débat hei sécherlech méi grouss Opmierksamkeet verdéngt hätt.

Op all gudde Sonndesriede gëtt geschwat vun der Wichtigkeet vum Naturschutz, vun der Biodiversitéit, vun der Ëmwelt. A wa mer dann hei konkret eis an der Chamber domat

befaassen, da leeë mer dat dann esou, dass awer net genuch Zäit bleift, fir hei en uerdentlechen a flotten Débat ze féieren.

» **M. le Président.**- Jo, Här Berger, ech muss soen, dass all d'Fraktiounen zesummen deen Ordre du jour hei festgeluecht hunn. Do war Är Fraktioun och derbäi.

» **M. Eugène Berger** (*DP*).- Sécherlech, Här President, ass eis Fraktioun och an deenen Diskussiounen derbäi. Mä si huet awer do net d'Majoritéit vun de Stëmmen, well soss wär vläicht eppes aneschtlers derbäi erauskomm. Mä dat ass awer elo kee Reproche. Et ass einfach eng allgemeng Remarque gewiescht.

Här President, mir wëllen haut den Owend enger vun deenen eelste Verwaltungen hei aus dem Land e Facelifting ginn, well d'Forstverwaltung, wéi se am Sproochgebrauch genannt gëtt, staamt vun 1840. Si ass also scho bal 170 Joer al. Hir Kreatioun deemools stoung och a Relatioun mat deem, wat een haut allgemengerhand och géif Naturschutz nennen.

An der Mëtt vum 19. Jorhonnert huet d'Land eng éischt Well vun der Industrialiséierung hei erlieft. An déi Aktivitéiten hu vill, ganz vill Holz an de Bëscher gebraucht. Dat huet och deemools e staarken Drock op de Bësch bruecht. D'Autoritéiten hunn och deemools hir Responsabilitéit geholl, fir dës Gefor fir de Bësch an domat och d'Gefor fir d'Natur an de Grëff ze kréien.

D'Missiounen vun der Verwaltung hunn u sech näischt un Aktualitéit verluer. Au contraire, et sinn nach eng Rei aner Aspekter am Beräich Natur, déi haut och staark ënner Drock stinn, derbäikomm. Dat sinn: oppe Landschaften, d'Waasser, d'Espëcen, d'Planzen, d'Déieren; all déi Elementer a Komponenten, déi een allgemengerhand eben ënnert dem Term vun Natur ka résüméieren.

Am Laf vun de Jorzéngten, oder et kann ee scho bal soe Jorhonnerte sinn d'Défien zum Deel awer och neier ginn, d'Missiounen méi villfältig. Duerfir ass och schonn an der Vergaangenheet d'Verwaltung punktuell reforméiert ginn, fir den Erausforderunge vum modernen Naturschutz besser gerecht ze ginn. Déi lescht Reform war 1989, wann ech mech elo net an den Datumen iren.

Säit den Direktive vu Bréissel, ënner anerem d'Habitat-Direktiv an och dem neien Naturschutzgesetz vum 2004, sinn nach nei an zousätzlech Aufgaben a Kompetenzen op d'Verwaltung geluecht ginn. Stéchwierder sinn hei: Ëmsetzung Natura 2000, Plan national de la protection de la nature oder och nach de Programme forestier national.

Et huet sech also opgedrängt, d'Verwaltung op de Leescht ze huelen. Deem virausgang waren och zwee Auditen, dee vu Baseler an och dee vun Études et formations, deen ech a menger deemoleger Funktioun als Statssekretär d'Éier hat an Opdrag ze ginn.

An der Suite sinn dann éischt lwwerleeungen an der Forstverwaltung gefouert ginn, fir d'Recommandatiounen vum Audit an d'Realitéit ëmzesetzen. D'Philosophie war dobäi déi, dass d'Beamten net sollte vu virera virun e Fait accompli gestallt ginn, mä mat hinnen zesumme sollt an Etappen déi Reform ugaang ginn. An ech ka feststellen, dass dee Prozess vum Direkter mat vill Gefill an och vill Kompetenz weidergedriwwen ginn ass. Domat konnten dann och d'Basé fir de Projet de loi geluecht ginn.

Duerfir kann ech och an de ganz grouse Linnen an och a villen Detailer d'Reform guttheesche mat där Verwaltung, déi net nëmmen elo en neien Numm kritt, wou d'Natur un éischter Stell steet, och wa mer den Term Naturschutz vläicht nach besser gefall hätt - ech mengen, dat war och souguer eng Propositioun deemools vum Audit -, mä wou och d'Aufgaben am Beräich Naturschutz méi kloer definéiert ginn an déi noutwendeg strukturell Reforme vun der Verwaltung och Agank fonnt hunn.

Ouni elo an d'Detailer vun där neier Struktur vun der Natur- a Bëschverwaltung anezoen, wëll ech eng Ëmännerung ervirhiewen, déi um Terrain awer besonnesch wichteg ass, och am Sënn vun der Ganzheetlechkeet vum Naturschutz.

An der Vergaangenheet ass nämlech ëmmer eng Distinction gemaach ginn op administrativem Niveau tëschent Bësch an Natur, wéi wann de Bësch net géif richteg zur Natur gehéieren. Dat hat och sécherlech domadder ze dinn, dass zum Deel d'ministeriell Kompetenz laang Joren ënner anerem beim Landwirtschaftsminister waren, wat d'Gestioun vum Bësch ubelaangt huet, respektiv ass jo och nach de Landwirtschaftsminister zoustänneg oder war och souguer zum Deel d'Autoritéit iwwert d'Verwaltung.

U sech war dat eng absurd Situatioun, déi elo berengegt ginn ass. Dat ass eng gutt

Saach. Well et liicht jo jiddwerengem an, dass de Bësch e wichtigen Deel vun der Natur ass an duerfir och vun der Saach hier zum Naturschutz gehéiert.

Duerfir gesäit elo d'Reform hei och eng Zesummeleeeung vun de regionalen a lokale Verwaltungsstelle vir, vun de Cantonnementen, déi bis elo getrennt fir de Bësch zoustänneg waren, an den Arrondissementen, déi exklusiv fir den Naturschutz, dat wëllt soen d'oppe Landschaften zoustänneg waren.

Dat ass eent vun den Härerstécker vun dëser Reform, dass eng gemeinsam Ulafstell, eng gemeinsam Verwaltungsstruktur fir d'Natur an de Bësch geschaf ginn ass. Sécherlech bleiwen och nach speziell Aufgabe spezifescht fir de Bësch, zum Beispill d'Gestioun vun den öffentleche Bëscher, mä si ginn awer ënnert dem Bléckwénkel vum Gesetz vum 2004 gesat. Dëst huet sech och vun dem europäesche Kontext einfach opgedrängt, well jo eng Rei Natura 2000-Zone grouss Arealer vu Bëscher beinhalten.

Et ass e wichtigen Usaz, mä méi konsequent wier et awer gewiescht, wann ee wirklech all Aspekter vum Bësch, och all déi aner Aspekter vun der Natur, ënner ee ministeriellen Hutt geholl hätt an och aner Aspekter vun der Natur an d'Verwaltung erabruecht hätt. Dat ass manifestement eng Schwaachstell vun dëser Verwaltungsreform.

D'Zil hätt et misse sinn, wéi gesot, fir all d'Aspekter vun der Natur an dem Naturschutz ofzedecken, mä hei feele weiderhin nach e puer Stécker am Puzzle oder wéinstens ee wichtegt Stéck am Puzzle. Dat ass ënner anerem: Hei an deem Gesetz feelt d'Waasser bal ganz an deem Projet. Et ass souguer aus dem Titel vun der Verwaltung erausgeholl ginn.

Wesentlech bleift nach elo de Fierschter, dass se dierfen erëm eng Kéier déi net esou flott Aufgab vu Kontrolle maachen, wou se dann erëm eng Kéier déi Missioun hunn, wat oft an der Vergaangenheet de Fall ass, wou se da sanktionéieren. Si dierfen also nach Kontrolle bei der Fëscherei maachen.

Soss si guer keng Missiounen an Aufgaben, wat d'Waasser betrëfft, am Gesetz virgesinn. Wéi wann d'Waasser am Fong geholl näischt mam Naturschutz ze dinn hätt. Dat ass vun der Saach hier net logesch a kohärent. Hei ass d'Geleeënheet verpasst ginn, fir erëm d'Waasser dohinner ze setzen, wou et gehéiert, nämlech bei den Naturschutz.

Hei ass jo och den Audit net suivéiert ginn. Deen hat nämlech och recommandéiert a gesot, dass wirklech alles, wat Naturschutz ass - oppe Landschaften, Bësch, Waasser -, ënner enger Verwaltung an ënner enger ministerieller Tutelle sollt stoen.

Ech weess, all Partei freet dat regelméisseg an hire Wahlprogrammer. Och 2009 ass dat erëm de Fall. Wann ee kuckt, ech war och zesumme mam Ëmweltminister an anere Vertrieeder vun de Fraktiounen op enger Table ronde, wou dat och erëm vu praktesch all de Präsenten, ausser dem Vertrieeder vun der CSV, gesot ginn ass.

Wann een elo véier Woche virun de Wahlen dann hei d'Gesetz erabrëngt, da kann ech froen, ob ee sech dann net Zäit gelooss hätt, vu dass jo eng Rei Parteie soen, d'Waasser misst an den Environnement kommen, dass och herno eventuell eng nei Regierung dat direkt an dës Verwaltungsreform hätt kënnen mat erapaken.

Duerfir bedauern ech och e bëssen, dass dat elo dann hei esou um leschte Stéppel geschitt, well een do dann och vläicht eng Chance verpasst huet, an dass mer am Hierscht mussen erëm eng Kéier dëse Projet op de Leescht huelen, fir d'Waasser dann och mat eranzeschreiwen.

En attendant kréie mer dann eng Verwaltung, déi also net optimal all d'Kompetenze vum Naturberäich regroupéiert, déi awer sécherlech, muss ee soen, e Fortschrëtt bedeit um Terrain, well elo besser d'Aarbechte kënnen koordinéiert ginn. Mir hunn hei en einfacht Kadargesetz, wat den Auditeur och recommandéiert hat. D'juristesche Base, déi mer elo hunn, setzt och an der Praxis d'Konditiounen, fir dass do eben déi Verwaltungsarbecht besser ka gemaach ginn, och d'konzeptuell Aarbecht ka besser gemaach ginn.

Wat elo de groussen Défi ass, dass muss ee kucken, wéi een dann elo déi Texter hei an



der Praxis ëmsetzt, wéi d'Verwaltung elo dann deen Défi opféilt, fir dann och um Terrain kënnen en effizienten Naturschutz ze maachen. E wichtege Aspekt ass och dee fir d'Verwaltung, datt se soll ewechkomme vun där Missioun, wéi se esou oft gesi ginn ass, datt se eben nëmme kontrolléiert, sanktionéiert.

Dat waren déi haaptsächlech Aufgaben an der Vergaangenheet. Dat huet dann och leider heiansdo derzou gefouert, datt se dann déi positiv Aktiounen um Terrain net konnte maachen, an do dann aner Leit oder Syndikater oder aner Acteuren um Gemengeniveau, zum Beispill, d'Heft an d'Hand geholl hunn, an datt dann eben déi net esou flott Missiounen der Verwaltung iwwerlooss gi sinn.

Et ass also wierklech ze wënschen, datt och elo d'Verwaltung ka verstärkt e konzeptuelle Partner ginn am Naturschutz. Ech weess och, déi meescht Beamten, fir net ze soe bal alleguerten an der Verwaltung wëllen do mathëllefen. Do sinn och schonn an der Vergaangenheet eng Rei Initiative geholl ginn. Mä duerfir brauche se och déi néideg Moyenen. Si brauchen dat néidegt Personal an déi néideg Strukturen, déi se awer elo hei dann domadder kréien.

Eng aner Remarque, déi ech awer och nach wéilt hei maachen an déi an der Vergaangenheet och fir vill Konflikter mat de Bierger gesuergt huet, an déi och sécherlech an dem Kontext vun der Kris a vun all deene Mesuren, déi mer do huelen, kéint gesi ginn, a wou och ganz oft dann herno de Schwaarze Péiter op d'Verwaltung gefall ass: Dat ass déi vum Handling vun den Na-

turschutzautorisationen. Dat ass jo och e wichtege Deel vun där Verwaltung.

Et ware Problemer zum Deel, datt do grouss Délaïen alt emol ze vermelle waren. Mä mat méi Personal, mat zesummegeluechte Kompetenze kéint dat jo da besser goen.

Mä do muss een natierlech derfir suergen, dat dës Demanden exklusiv vun der zoustänneger Verwaltung an hire Mataarbechter solle gemaach ginn. Si sinn d'Spezialisten, souwuel d'Fierschtere wéi d'Uewerfierschteren, d'Biologen an esou weider.

An da geet et net, Här Minister, wéi dat an de leschte fënnef Joer de Fall war, datt e Redakter aus dem Ministère systematesch par dépassement de compétences dat lescht Wuert bei ville kontroversen Dosieren hat. Domadder sinn d'Verwaltung an hir Beamte carrément entmündegt ginn. Domat muss Schluss sinn. Déi integral Prozedur vun den Naturschutzautorisatione muss an déi nei Verwaltung erageluecht ginn. Si sollen och duerfir e Jurist kréien, dat ass jo och virgesinn, fir datt se dann och kënnen déi Froen am Kontext vun den Autorisatione behandelen.

Eng aner Remarque betrëfft déi vun der Carrière vun de Fierschteren. Ech mengen, déi verschidde Fraktiounen hate jo och Visité vun der Associatioun, wou se och hir Problematik duergeluecht hunn. Et ass ganz sécher, datt de Beruff vum Fierschter e ganz komplexen a schwéiere Beruff ass, datt se och nei Formationen hunn. Et muss een onbedéngt bei de Verhandlungen, déi ustinn, dann, wann d'Etüd dann endlech eng Kéier op den Dësch kënnt - dat muss also déi nächst Regierung maachen -, wann do déi gesamt Verhandlungen iwwer nei Carrièren, iwwer Gehälter gefouert ginn, muss onbedéngt och do déi Problematik vun de Fierschter seriö an Ugrëff geholl ginn.

Här President, mir wäerten dëse Projet de loi stëmmen, well en an déi richteg Richtung geet. D'Chamber wäert awer sécherlech och nach an Zukunft missen nobesseren, besonnesch fir awer enges Daags eng komplett integrativ Verwaltung am Beräich Naturschutz ze kréien, déi wierklech all Kompetenze fir all Elementer vum Naturschutz huet, an dorënner gehéiert och d'Waasser.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. Den Här Braz huet d'Wuert nach gefrot.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wollt just am Numm vum verhënnerte Kolleeg Camille Gira d'Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen. Ech erspueren lech eng manner kompetent Ried ze halen, wéi de Kolleeg Camille se hätt kënnen halen. Duerfir just d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den Här Minister Lux huet d'Wuert.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Här President, fir d'éischt wëll ech soen, dass all d'Mataarbechterinnen an d'Mataarbechter vun der Forstverwaltung fir hiren Asaz verdéngen, dass mer nach eng Kéier aus dem Suedel gaange sinn, fir déi Reform hei nach an dëser Legislaturperiod ze stëmmen, déi d'Forstverwaltung wäert stäerken, déi se wäert quantitativ stäerken, mä virun allem och qualitativ wäert stäerken. An dofir wëll ech der Kommissioun an hirem President Merci soen.

Eng zweet Remarque - laanscht déi kommen ech net -, dat ass déi, dass ech an aller Kollegialitéit wëll soen, dass heibannen am Sall nëmmen een ass, deen där Regie-

rung ugehéiert huet, déi der Forstverwaltung d'Waasser ewechgehol huet: Dat ass den Här Berger. Duerfir ass schonn e bësse Culot verlaangt, fir sech dohinner ze stellen an ze maachen, wéi wann en deen Eenzege wär heibannen, deen derfir géif suergen, dass déi wichteg Kompetenz erëm zrëck géif kommen, wou se higehéiert, nämlech an d'Forstverwaltung.

Jiddefalls hätt ech an dëser Legislaturperiod, wann d'Geleeënheet gewiescht wär, net zougelooss als Ëmweltminister, dass d'Forstverwaltung ëm déi wichteg Kompetenz beraubt gi wär.

(**Interruption**)

Duerfir ginn ech d'Hoffnung net op, dass mer an de Koalitiounsverhandlungen, wann d'Geleeënheet ass, fir dat ze maachen, eis dofir asetzen, dass d'Kompetenz vum Waasser erëm dohinner kënnt, wou se higehéiert, nämlech an den Ëmweltministère a virun allem och an déi nei Natur- a Forstverwaltung.

» **M. le Président.** - Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Eugène Berger (DP).** - Da si mer eis jo eens do.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder, Dir Dammen an Dir Härn, si mer um Enn vun engem ganz laangen Dag, deen haut de Moien um néng Auer ugefaangen huet an haut den Owend bal um néng ophält, ukomm.

Ech soen lech alleguerte Merci fir Är Gedold a fir Är Mataarbecht. Mir gesinn eis muer de Moien nees um néng Auer zrëck, fir dee leschten Dag vun dëser Woch unzegoen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(**Fin de la séance publique à 20.26 heures**)

## Sommaire des séances publiques N°s 47, 48 et 49

Communications	page 555
6036 - Proposition de loi modifiant l'article 19 de la loi du 13 juin 1984 modifié par l'article 28 de la loi du 9 juillet 2004	page 555
Ordre du jour	pages 555-556
Dépôt d'une motion par M. Aly Jaerling	page 556
6002 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 avril 2008 concernant le renouvellement du soutien au développement rural	pages 556-558
5958 - Projet de loi ayant pour objet de modifier: 1) l'article 832-4 du code civil; 2) la loi du 9 juin 1964 concernant le travail agricole à salaire différé	pages 558-559
Motion de M. Robert Mehlen relative à la stabilisation du secteur laitier et quotas laitiers	pages 559-561
5655 - Projet de loi sur les marchés publics	pages 561-565
6032 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2007	page 565
Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2006 de la Cour des Comptes et	
Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2007 de la Cour des Comptes	page 566
Dépôt d'une résolution par M. Charles Goerens	page 566
5955 - Projet de loi relative à l'œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte et à la Loterie Nationale et modifiant: - la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; - la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives	pages 566-568
Résolution de M. Charles Goerens relative à la condamnation des déclarations du Ministre allemand des Finances comparant le Luxembourg au Burkina Faso en matière de transparence fiscale	pages 568-569
5948 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de l'Inde tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à New Delhi, le 2 juin 2008	pages 569-570
5998 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité du Médiateur (2007-2008)	pages 570-576
Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution	page 578
5588 - Projet de loi portant 1. réglementation de quelques méthodes particulières de recherche, 2. modification de certaines dispositions du Code pénal et du Code d'instruction criminelle	pages 578-581
5848 - Projet de loi portant modification: 1° de l'article 37-1 de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 2° du Livre premier, Titre X, Chapitre 1 <sup>er</sup> du Code civil; 3° de l'article 1046 du Nouveau Code de procédure civile	pages 581-582
5907 - Projet de loi insérant un article 442-2 dans le Code pénal en vue d'incriminer le harcèlement obsessionnel	pages 582-585
5156A - Projet de loi renforçant le droit des victimes d'infractions pénales et portant modification - du Code d'instruction criminelle; - du Code pénal; - de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse; - de la loi modifiée du 16 juillet 1986 relative à certains modes d'exécution des peines privatives de liberté; - de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse et	

4839 - Proposition de loi renforçant les droits des victimes d'infractions portant modification - du Code d'instruction criminelle; - du Code pénal; - de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse, et - de la loi du 24 juillet 2001 arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans le cadre de l'organisation judiciaire	pages 585-589
5936 - Projet de loi - portant transposition pour les établissements de crédit de la directive 2006/46/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2006 modifiant les directives du Conseil 78/660/CEE concernant les comptes annuels de certaines formes de sociétés, 83/349/CEE concernant les comptes consolidés, 86/635/CEE concernant les comptes annuels et les comptes consolidés des banques et autres établissements financiers et 91/674/CEE concernant les comptes annuels et les comptes consolidés des entreprises d'assurance, - et modifiant la loi modifiée du 17 juin 1992 relative aux comptes des établissements de crédit	pages 589-590
5829 - Projet de loi relative aux fusions transfrontalières de sociétés de capitaux, à la simplification des modalités de constitution des sociétés anonymes et de maintien et de modification de leur capital, portant transposition: - de la directive 2005/56/CE du Parlement européen et du Conseil du 26 octobre 2005 sur les fusions transfrontalières des sociétés de capitaux; - de la directive 2006/68/CE du Parlement européen et du Conseil du 6 septembre 2006 modifiant la directive 77/91/CEE du Conseil en ce qui concerne la constitution de la société anonyme ainsi que le maintien et les modifications de son capital; - de la directive 2007/63/CE du Parlement européen et du Conseil du 13 novembre 2007 modifiant les directives 78/855/CEE et 82/891/CEE du Conseil pour ce qui est de l'exigence d'un rapport d'expert indépendant à réaliser à l'occasion des fusions ou des scissions des sociétés anonymes, ainsi que modification - de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales, et - du Code du Travail	pages 590-591
5273 - Projet de loi ayant pour objet de modifier: 1) la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne; 2) la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de réglementer l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg, b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'instituer une Direction de l'Aviation Civile; 3) la loi du 26 juillet 2002 sur la police et sur l'exploitation de l'aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare	pages 591-592
5905 - Projet de loi relatif à la qualification initiale et à la formation continue des conducteurs de certains véhicules routiers affectés aux transports de marchandises ou de voyageurs et modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1. le développement et la diversification économiques, et 2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie	pages 592-593
5906 - Projet de loi modifiant - la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques, - l'article 179 du Code d'instruction criminelle et - l'article 40 de la loi du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement	pages 594-595
5968 - Projet de loi autorisant la reconstruction du passage supérieur situé au point kilométrique 0,858 de la ligne de Luxembourg à Kleinbettingen et amendant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire	pages 595-596
5934 - Projet de loi portant a) création de l'administration de la Nature et des Forêts b) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État c) abrogation de la loi modifiée du 4 juillet 1973 portant réorganisation de l'administration des Eaux et Forêts	pages 596-598